LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°919 vum 21. Juni 2024 vum honorabelen Députéierten Tom Weidig zum Sujet "Reclassement des agents de la Police grand-ducale"**

**Fro 1**

Beamten, déi um 1. August 2018 an der Police vereedegt waren, mee eréischt 2019 respektiv 2020 hiren Diplom gemaach hunn, kënne weiderhin iwwert d'Voie expresse oder den Out-In an de Groupe de Traitement B1 wiesselen.

**Fro 2**

Fir vum Reclassement ze profitéieren, wäert e Beamten net mussen "en rang utile" sinn. De Beamte muss d'Konditiounen erfëllen, déi am zukünftege Gesetzesprojet iwwert de Reclassement verlaangt sinn. De Stéchdatum, op deem de Beamten d'Konditioune muss erfëllt hunn, ass den 1. August 2018, esou wéi et vun den Urteeler vum Verfassungsgeriicht a vum Verwaltungsgeriicht virginn ass.

**Fro 3**

Den zukünftege Gesetzesprojet wäert och d'Situatioun vun de Beamten, déi séit 2019 schonn iwwert d'Voie expresse an de Groupe de traitement B1 komm sinn, reegelen.

**Fro 4**

Et ass net virgesinn, fir de järleche Kontingent vun der Voie expresse réckwierkend nei opzefëllen.

**Fro 5**

Ech verweisen op meng Äntwert op d'Fro 4.

**Fro 6**

D'Voie expresse an d'Avancementer kënnen nees ulafen, wann de zukünftege Gesetzesprojet a Kraaft getrueden ass. Et ass net virgesinn, d'Krittäre fir d'Eligibilitéit vun de Beamten ze änneren.

**Fro 7**

D'Moossnamen, déi geholl ginn, baséieren op den Urteeler vum Verfassungsgeriicht a sinn néideg, fir dës kënnen ze respektéieren.

**Fro 8**

De Regierungsprogramm gesäit vir, dass d'Situatioun vun de Beamten, déi vun den uewegenannten Urteeler betraff sinn, soll gereegelt ginn. Et ass an deem Sënn kee generelle Reclassement virgesinn, mee just e Reclassement vun de Beamten, déi sech an der Situatioun, wéi se vun den ieweschte Geriichter identifizéiert ginn ass, befannen.

Extrait Regierungsprogramm (p. 112) « *Une analyse approfondie de toutes les carrières au sein de la Police grand-ducale sera effectuée. L'objectif est notamment de respecter les récents arrêts de la Cour constitutionnelle et de la Cour administrative concernant les carrières B1 et C1. La carrière A2 sera plus clairement définie.* »

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN